LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Environnement, du Climat
et du Développement durable

Luxembourg, le 23 DEC. 2019

**Service central de législation**
**Monsieur Marc Hansen**
**Ministre aux Relations avec le Parlement**

**Objet :** Question parlementaire n°1419 – Réponse

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous communiquer en annexe la réponse à la question parlementaire n°1419 tout en vous priant de bien vouloir en assurer la transmission à Monsieur le Président de la Chambre des Députés.

Recevez, Monsieur le Ministre, l'expression de mes sentiments distingués.

La Ministre de l'Environnement, du Climat
et du Développement durable,

Carole Dieschbourg

130-000008-20040525-FR

Adresse postale
L-2918 Luxembourg

Tél. (+352) 247-86824
Fax (+352) 400 410

4, Place de l'Europe
L-1499 Luxembourg

www.emwelt.lu
www.gouvernement.lu

**Gemeinsam Äntwert vun der Ministesch fir Ëmwelt, Klima a nohalteg Entwécklung, dem Minister fir Energie an dem Minister fir Landesplanung op d'parlamentaresch Ufro n°1419 vum 10. Oktober 2019 vun dem honorabelen Deputéierten Här Max Hahn**

Als Äntwert op d'Fro vum honorabelen Deputéierte Max Hahn ass fir d'éischt ze soen, datt vun der reglementarescher Säit et am Moment net virgesinn ass, datt Päerdsmëscht zu Lëtzebuerg a Verbrennungsanlagen, déi ausschliisslech der erneierbarer Stroum-Hirstellung déngen, ka verbrannt ginn an eng Rémunératioun kréien.

Päerdsmëscht - an natierlech och aner Exkrementer - falen ënner d'Offall-Gesetzgebung, an Anlagen déi Exkrementer verbrennen, respektiv co-verbrennen (oder och biomethaniséieren) sinn ënnert dëser Gesetzgebung geneemegungspflichteg. A sou enger Geneemegung ginn alleguer d'Offäll opgezielt, déi eng Anlag däerf benotzen. Eng Anlag, déi Päerdsmëscht (co)-verbrennt, gëtt et net zu Lëtzebuerg.

Wat d'Biomethaniséirung ugeet, sou gëtt natierlech Piff a Mëscht an de Lëtzebuerger Biogas-Anlage genotzt. Den Undeel vu Päerdsmëscht ass awer Null an de Joren 2015 bis 2017, a quasi Null am Joer 2018: Laut den Zuelen, déi dem Ministère virléien, goufen 15 Tonnen an enger vun insgesamt 26 Anlage genotzt, par rapport zu ronn 284.500 Tonne Piff a Mëscht am Ganzen. Dëst erkläert sech ë.a. doduerch datt Päerdsmëscht keen idealen Input-Stoff fir eng Vergärung ass (wéint dem Stréi- oder Holz-Undeel an der Stree vun de Päerd), an duerch dat klengt Potential zu Lëtzebuerg: 2017 goufen et ronn 300.000 Kéi a Schwäin zu Lëtzebuerg, awer manner wéi 5.000 Päerd.

Fir de ganzen Themeblock Biogas souwéi d'Notze vu Piff a Mëscht léisst den Energieministère wéi am Regierungsprogramm virgesinn aktuell eng Etude technico-économique maachen (och nozeliesen an der rezenter Äntwert op d'parlamentaresch Fro n°1378); et muss een awer dozou soen, datt de renge Päerdsmëscht-Potential héchstwahrscheinlech ze kleng ass fir do separat analyséiert ze ginn.

Selbstverständlech steet et awer alle Päerdsbesëtzer, Organisateure vu Reitsport-Turnéieren oder soss Acteueren aus der Wirtschaft fräi, d'Méiglechkeeten ze analyséieren an am Sënn vun enger méiglechst nohalteger Energie-Hirstellung no neie Weeër ze sichen. Géing esou e Projet un d'Ministèren erugedroe ginn, géingen déi selbstverständlech kucken, wou a wéi si hëllefe kéinten.